N° 8375
Entrée le 31.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°8375 vum 6. Oktober 2023 vun den honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser an Här Jeff Engelen iwwert d'Fleege Doheem**

1) *Wéi vill Qualitéitskontrolle goufen am Beräich vun den „soins à domicile" an der leschter Legislaturperiod duerchgefouert? Wéi eng Resultater hunn déi Kontrolle bruecht?*

Am groussherzogleche Reglement vum 13. Dezember 2017[1] sinn d'Critèrë festgehale wat den Inhalt vun der Fleegedokumentatioun ubelaangt, déi de Prestataire muss assuréieren, grad wéi och d'Qualitéits-Indicateuren an der Prise en Charge vun de fleegebedierftege Persounen.

Fir kennen nozevollzéien ob déi fleegebedierfteg Persounen all d'Leeschtungen, déi se ze gutt hunn, och kruten, gëtt d'Dokumentatioun vun de realiséierte Leeschtungen iwwerpréift. Esou eng Kontroll ass just méiglech, wann den Inhalt vun der Dokumentatioun standardiséiert, vollstänneg an elektronesch zougänglech ass. Des indirekt Mesure erméiglecht et z'iwwerpréiwen, ob de Prestataire déi adequat Moyenen asetzt fir eng qualitativ gutt Prise en Charge z'assuréieren an domadder esou wuel d'Sécherheet wéi d'Integritéit vun der fleegebedierfteger Persoun ze garantéieren.

Déi eenzel Indicateure fir d'Qualitéit an der Fleeg (z.B. d'Erfaassung vun de Chutten oder Escarren, de Suivi vum Gewiicht) erméiglechen et e konkreten Unhaltspunkt ze hu wat déi vum Prestataire agesaten Hëllefs - a Fleegemoossnamen am Kader vun der Fleegeversécherung ubelaangt.

Am Ganze goufen an der leschter Legislaturperiod tëschent 2018 an 2023 (Stand bis Oktober 2023) 148 Kontrollvisitten duerch gefouert, déi all d'Gestionnairen ofdecken, och d'Établissements à séjour continu an d'Établissements à séjour intermittent. Dovunner sinn 42 Kontrollvisitte bei de verschiddenen Fleegedéngschter, déi doheem intervenéieren, duerch gefouert ginn.

D'Qualitéit war och bei der Reform vun der Fleegeversécherung, déi den 1. Januar 2018 a Kraaft getrueden ass, en zentrale Punkt. Dofir gouf ënner anerem och am Code vun der sozialer Sécherheet festgeschriwwen dat d'AEC all 2 Joer muss eng Analyse vun der Qualitéit vun den erbruechte Leeschtunge maachen. Dës Analyse gëtt an engem Rapport vun der AEC detailléiert duergestallt an och der zoustänneger Chamberskommissioun virgestallt.

Déi integral Rapporte mat all de Resultater, wéi och de Resumé an de Pressecommuniqué kënnen um Internet-Site vun der AEC nogelies ginn (Rapport biennal 2020 an Rapport biennal 2022[2]) :

---

[1] Règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge.

[2] *« […] L'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance établit un rapport biennal relatif aux contrôles effectués, qu'elle transmet au comité directeur de la Caisse nationale de santé, aux ministres ayant la*

https://aec.gouvernement.lu/fr/docetchiffres/rapportbiennalqualite.html

*2) Wéi eng Konsequenze fir déi eenzel privat Prestatairë kënne geholl ginn, wann eng Qualitéitskontroll net zefriddestellend ausfält?*

D'Kontrollvisitte gi 14 Deeg am Viraus annoncéiert. Allerdéngs wëssen d'Prestatairen net am Viraus, wat fir eng Dossiere vu wéi enge Bénéficiaire vun der AEC kontrolléiert ginn. Dëst gëtt de Responsabelen eréischt sur place, am Moment selwer, vun der AEC matgedeelt.

Wärend der Visitt analyséiert a kontrolléiert d'AEC déi verschidden Dokumentatioune vun den ausgewielte Beneficiairë vun der Fleegeversécherung. Den Debriefing gëtt direkt duerno mat de Responsabele realiséiert. An all Fall gëtt och e schrëftleche Rapport vun der AEC un de Prestataire verschéckt. Dëse Rapport hält fest, ob all d'Informatiounen disponibel waren a gëtt e Feedback iwwert déi adequat Fleegepraktiken an iwwert déi Beräicher, déi musse verbessert ginn. Ofhängeg vun dëse Constate gëtt eng nächst Kontrollvisitt vun der AEC bei deem jeeweilege Prestataire ageplangt.

An der nächster Kontrollvisitt kuckt d'AEC, ob déi Verbesserungen, déi an deene verschidde Punkte fest gehale goufen, gemaach goufen. D'AEC huet och d'Méiglechkeet seng Visitte méi heefeg ze maache fir z'assuréieren, dass bestoend Schwieregkeete behuewe ginn an d'Qualitéit verbessert.

Déi verschidde Prestataire sinn sech der permanenter Qualitéitsverbesserung bewosst a benotzen d'Constate fir déi néideg Aktiounen z'ënnerhuelen. Aus deenen zwee vergaange Rapports biennaux geet eng Qualitéitsverbesserung ervir, wéi z.B. d'Erfaassen an d'Dokumentatioun vun den Dekubitus, Stierz oder de Suivi vum Gewiicht.

*3) Wéi gesäit et mat de Sproochekenntnesser vun deene Leit aus, déi an deem Secteur schaffen? Wéi eng Exigenze ginn et a wéi ginn déi kontrolléiert?*

D'Sproochekenntnisser vun de Mataarbechter vun de mobillen Hëllefs- a Fleegedéngschter gi beim Erstellen vum Agrément an duerno am Kader vun den Agréments-Visitte kontrolléiert.

De modifizéierte groussherzogleche Reglement vum 10. Dezember 2009 gesäit a sengen Artikel 10 an 13 fir, dass souwuel de Chargé de Direction wéi och d'Betreiungspersonal vun engem mobillen Hëllefs- a Fleegedéngscht attestéiere mussen 2 gängeg Sproochen aus dem Land, dorënner Lëtzebuergesch, ze verstoen an sech och kënnen auszedrécken. Wann dëst net gin ass, kann de Familljeminister am Kader vum Agrément eng Klausel betreffend Weiderbildung erabréngen.

De Gestionnaire attestéiert dass d'Sproochekonditiounen fir säi Personal erfëllt sinn. De Gestionnaire suergt och duerfir, dass säi Personal un dene néidege Weiderbildunge kann deel huelen.

---

*Sécurité sociale et la Santé dans leurs attributions et aux ministres compétents en vertu de la législation réglant les relations entre l'État et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique. »*

Sinn d'Sproochekonditioune net erfëllt, gëtt den Agrément op eng limitéiert Zäit ausgestallt (an der Reegel 1 Joer), an där de Gestionnaire Zäit huet sech ze zum Reglement konforméieren.

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen